N° 7185
Entrée le 15.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 15.11.2022

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, de 15. November 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltministesch an un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Laut dem groussherzogleche Reglement vum 16. Abrëll 2021 ginn et an de verschiddenen Drénkwaasser-Schutzzonen an de Stauséi-Gemengen diverse Restriktiounen bei der Beweedung a bei der Ausbréngung vu Mëscht. Ënner anerem sinn an dem Reglement Periode festgeluecht, wou d'Véi net, oder just mat enger Ausnamegenemigung dierf op d'Weed. An deem Kontext wollt ech folgend Froen un d'Madamm Ëmweltministesch an un den Här Landwirtschaftsminister stellen.

- Si Dir der Meenung, dat d'Beweedung muss no feste kalendareschen Datumer gereegelt ginn, wuelwëssend datt d'Natur sech net un Datumer hält?
- Si Dir net der Meenung, dat eng Beweedung vun de Wisen wéinst den aktuell héijen Temperaturen am Moment esou guer virdeelhaft wier, souwuel fir d'Natur, wéi och fir d'Déieren?
- Firwat kënnen et Ausnamen fir Ganzjoeresbeweedung ginn, wann déi klassesch Mammekéi awer mussen ab dem 16. November vun der Weed geholl ginn?
    - Kënnen fir d'Mammekéi Ausnamen ugefrot ginn?
    - Missten déi Ausnamen net innerhalb vun e puer Stonnen respektiv innerhalb vun e puer Deeg geneemegt ginn, well d'Beweedung wiederofhängeg ass?
    - Wéi séier ginn am Normalfall d'Ausnamen autoriséiert?
- Ass d'Regierung bereet, dat betreffend Reglement unzepassen?
    - Wa jo, wéini?
    - Wa nee, fir wat net?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Martine Hansen, Deputéiert**

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu